NEWSLETTER
LSAP BEETEBUERG

Mee 2018

FAKE NEWS vum Schäfferot em de Waasserpräis

Datt de Bau vun der Jughurtsfabrick FAGE an der nationaler Industriezon Wolser zu Beetebuerg ëmstridden ass, dat weess jiddwereen. Virun allem well déi Fabrick relativ grouss Quantitéite wäert produzéieren an deementspriechend och Drénkwaasser brauch fir ze fonctionnéieren.

Doropshin huet de Schäfferot d'Meenung verbreet, datt duerch déi Fabrick de Waasserpräis zu Beetebuerg zolidd an d'Luucht géif goen. De Schäfferot wier an engem Avis dovun ausgaangen, datt de Waasserpräis em 25 % kéint klammen. Mat deem Chiffer ass esouguer d'Ëmweltministesch un d'Presse gaangen.

Op eis Fro am Gemengerot vum 4. Mee hin krute mir net bestätegt, datt de Waasserpräis ëm 25% wäert klammen. Dës Estimatioune sinn och zu kengem Moment mat konkreten Zuelen oder iergendwellech Verbrauchszenarie beluecht ginn.

Desweideren ass der Ëffentlechkeet och verschleiert ginn, datt d'Industriezon direkt vum SES (Syndicat des Eaux du Sud) beliwwert gëtt, an net vun der Gemeng. Investitiounen un der Infrastruktur (Reseau, Waassertuerm) vun der Gemeng hunn also absolut näischt mat der Jughurtsfabrick ze dinn.

Wann de Waasserpräis fir den Normalverbraucher ugepasst gëtt, dann ass et well d'Awunnerzuel zu Lëtzebuerg konstant wiisst, virun allem an de Südgemengen (Schëffleng, Diddelengé). De Waasserschäffen huet dësen Zeenario och bestätegt. An obwuel nach keng Jughurtsfabrick dosteet, ass, sengen Aussoen no, den Akafspräis vum Waasser fir d'SES Gemenge scho säit dem 1. Januar dëst Joer méi deier.

Esou einfach kënne FAKE News entstoen!

Mir bedaueren, datt an deem heiten Dossier de Schäfferot ferm de Geck mat de Leit mécht andeems Informatioune verdréit oder einfach falsch vermëttelt ginn, an op dësem Wee Stëmmung géint de Projet FAGE mécht.